

manner Europa méi Lëtzebuerg

Walprogramm

Fir en Europa vun de souveränen Natiounen

Wirtschaft a Finanz

1. Wirtschafts- a Finanzpolitik 5
2. Fir eng Währungsunioun, déi net an de Ruin féiert 7
3. Géint europäesch Taxen, fir méi Budgetsdisziplin 9
4. De Welthandel 11

Aarbecht & Beschäftegung

5. Fir e méi soziaalt Europa 14

Immigratioun, Grenzen & Sécherheet

6. Jo zum fräie Mënscheverkéier, Neen zum Sozialtourismus 17
7. Oppe Grenzen, mä nëmme fir éierlech Bierger 19
8. Der EU-Erweiterung kloer Grenze setzen 21
9. Eng Roll fir d'EU an der Aussen- a Sécherheetpolitik 22

Institutiounen & Demokratie

10. Déi national Interessie verdeedegen 25
11. D'Unanimitéit als allgemeng Reegel 27
12. Déi europäesch Rechtsnorme besser ëmsetzen 29
13. D'Chamber am Mëttelpunkt vun den europäeschen Decisiounen 30
14. Eng nei Hierarchie fir déi europäesch Rechtsnormen 32
15. Eng nei legal Basis fir dat gemeinschaftlecht Europa 33
16. Lëtzebuerg an allen EU-Institutiounen vertraueden 35
17. Lëtzebuerg als Sëtz vun den EU-Institutiounen 36

Gesellschaft

18. Lëtzebuergesch muss als offiziell EU-Sprooch unerkannt ginn 39
19. D'Gesellschaftsfröe mussen eng national Kompetenz bleiwen 41
20. D'Roll vun der EU am Enseignement supérieur an an der Fuerschung 42
21. Europa, eng Gefor fir d'Meenungsfräiheet 44

Nohalteg Entwécklung

22. D'Gemeinsam Agrarpolitik 46
23. Fir déi nohalteg Entwécklung an Europa handelen 48

D'ADR an hir europäesch Famill

Fir en Europa vun de souveränen Natiounen

Mat der Virstellung vun hirem Walprogramm bitt d'ADR eng reell a glafwierdeg Alternativ u fir déijéineg, déi d'Iddi vun engem federalen Europa a Fro stellen, déi déi permanent Stäerking vun de Pouvoire vun den europäeschen Institutiounen zum Nodeel vun de Memberstaaten a Fro stellen, déi un der Plus-value vu ville Bréisseler Initiative zweifelen an déi fäerten, datt sech an den europäesche Strukturen ëmmer méi totalitär Tendenzen entwéckelen.

D'ADR ass eng euro-realistesch Partei, déi net zéckt fir déi negativ Entwécklungen ze kritiséieren, déi een ëmmer méi am Fonctionnement vun der aktueller EU kann feststellen. Gläichzäiteg bitt si eng staark a glafwierdeg Alternativ un: en Europa vun den Natiounen. D'ADR weess a seet, datt et keen europäescht Vollek gëtt an datt sech eng federalistesche Approche also vun Natur aus net eegent fir op eng nohaltege Manéier d'Kohäsion tëscht de Staaten ze stäerken. Hire Modell ass dee vun engem Europa vu souveränen Natiounen, déi sech géigesäiteg respektéieren an déi enk zesumme schaffen am Interessi vum Fridden a vum wirtschaftleche Wuelstand op eisem Kontinent. Dëst Europa vun den Natiounen ka gemeinsam Institutiounen hunn, déi am Déngscht vun de Staate bleiwen, mä si däerfen net fir sech selwer e supranationaalt Recht beusproochen, dat sech iwwert de Memberstaate géif befannen.

D'ADR ass also géint d'Visioun vun de Federalisten, déi déi aktuell Staaten an e groust, federéiert Ganzt wëllen opléisen, an och géint d'Visioun vun deenen, déi géint all Form vun europäescher Zesummenaarbecht oder géint d'Existenz vun der EU sinn. D'ADR steet fir e Mëttelwee, wou eng Zesummenaarbecht tëscht den europäesche Völker garantéiert gëtt, ouni datt et dofir muss zu enger eenzeger europäescher Natioun kommen, dat heescht eng Zort multikulturell Mëschung aus der Bevëlkerung vum europäesche Kontinent. Hire Modell vun engem Europa vun den Natiounen berüchsichtigt d'Geschicht vun de Völker an vun de Staaten, e respektéiert voll a ganz de kulturellen a sproochleche Räichtum vun eisem Kontinent, seng philosophesch Wuerzelen, seng reliéis a philosophesch Ierfschaft, seng Wäerter a seng Potentialer.

Zu Lëtzebuerg ass d'ADR déi eenzeg Partei, déi de Modell vun engem Europa vun de souveränen Natiounen verdeedegt. Si huet sech och géint d'Nominéierung, um Niveau vun den europäesche Parteien, vu Spëtzekandidate fir de Poste vum Commissiounspresident ausgeschwat. D'Europäesch Commissioun ass nëmme eng Verwaltung am Déngscht vun de Memberstaaten an hire President däerf net mat enger Zort Regierungschef verwiesselt ginn.

D'ADR gehéiert der Famill vun den europäesche Konservativen a Reformisten un, zesumme mat ënnert anerem der britescher Konservativer Partei vum Premier David Cameron. D'ADR ënnerhält staark international Bezéiunge mat Parteien, déi och d'Iddi vun engem Europa vun den Natiounen verdeedegen, a beweist och domadder, datt d'Verwerfe vum Federalismus op kee Fall gutt Relatiounen an eng enk Zesummenaarbecht mat eisen europäeschen Nopeschlänner ausschléisst.

WIRTSCHAFT & FINANZEN

1. Wirtschafts- a Finanzpolitik

D'ADR bekennt sech zum Prinzip vum Bannemaart an zu de véier Fräiheeten, esou wéi se am Eenheetlechen Europäeschen Akt, deen de 17. Februar 1986 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwegouf, definéiert ginn: de fräie Wuerverkéier, de fräie Déngschtleeschungsverkéier (d'Fräiheet, fir eng Entreprise, fir sech am engem EU-Memberstaat nidderzeloossen), de fräie Persouneverkéier an de fräie Kapitalverkéier.

D'ADR verlaangt awer, datt dës grouss Prinzipien encadréiert gi fir Abusen ze vermeiden (zum Beispill Liewensméttelskandalen, Sozialdumping oder Sozialtourismus).

D'ADR bedauert zudéifst, datt verschidde Prinzipien, wéi de fräie Déngschtleeschungsverkéier oder de fräie Kapitalverkéier, reegelméisseg vu grouse Länner a Fro gestallt ginn, zum Beispill wat d'Enterprisen ubelaangt, déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn.

D'ADR verlaangt, datt d'Lëtzebuerger Regeirung dës Prinzipien an d'Interessie vu Lëtzebuerg verdeedegt, besonnesch fir d'Finanzplaz ze erhalten. L'ADR rífft d'Regierung op, falls néideg vum Veto Gebrauch ze maache bei Decisiounen, déi mussen eestëmmeg geholl ginn, besonnesch bei Steierfroen.

Europa muss d'Asetze vu performanten Transport- an Energienetzer encouragéieren. D'Regierung muss dofir suergen, datt Lëtzebuerg Deel vun deenen Netzer ass. Ganz konkret muss d'Zuchlinn Bréissel – Lëtzebuerg – Stroossbuerg esou séier wéi méiglech méi performant ginn. De kombinéierten Transport (Schinnen a Strooss) muss encouragéiert ginn („Huckepackverkehr“).

D'EU muss och de Giddertransport duerch Banneschëfffaart encouragéieren. D'ADR erkennt och d'Wichtigkeet vun de Waasserstroosse fir den Tourismus.

D'ADR schwätzt sech géint europäesch Taxen, besonnesch am Fluchverkéier, duerch déi déi europäesch Entreprisé manner performant wiere par rapport zu der Kokurrenz an déi am Endeffekt vun de Passagéier gedroe ginn. D'ADR wiert sech géint all nei Taxéierung vun den Autofuerer (wéi zum Beispill d'PKW-Maut an Däitschland), déi sech dem fräie Persouneverkéier an de Wee stellt. D'ADR verlaangt, datt sech d'Regierung an den internationalen, europäeschen a bilaterale Verhandlungen géint esou Taxe wiert.

D'ADR wëscht sech, datt d'Kommunikatiouns- an d'Bankennetzer esou matenee verbonne sinn, datt d'Clientë se kënnen iwwehall an der EU benotzen ouni mussen extra Käschte bezuele par rapport zu de Servicer an engem eenzelne Memberstaat.

Europa muss och méi Efforte maachen, fir manner ofhängeg ze si vun den importéierte Primärenergien a fir seng Versuergungsquellen ze diversifiéieren, mam Zil eng ze grouss Ofhängegkeet vis-à-vis vun engem Land ze vermeiden (z.B. Gas aus Russland). Déi

energiewirtschaftlech Onofhängegkeet däerf allerdéngs net dozou féieren, datt d'Bäibehalen esou souguer den Ausbau vun Atomanlagen encouragéiert ginn.

D'EU muss all d'Efforten am Kader vun der Fuerschung an der Entwécklung encouragéieren a koordinéiere fir par rapport zu anere Wirtschaftsregioune kompetitiv ze bleiwen. Dëst gëllt besonnesch fir d'Fuerschung um Niveau vun der Ëmwelt a vun den erneierbaren Energien. Wat d'Ëmweltnormen ugeet, muss d'EU fair Accorde verhandelen, déi net komplett zu Laaschte vun der europäescher Industrie ginn.

2. Fir eng Währungsunioun, déi net an de Ruin féiert

De 23. Abrëll huet Griicheland wéinst der vill ze héicher Staatsschuld d'Europäesch Commissioun, d'Europäesch Zentralbank an den Internationale Währungsfong ëm Hëllef gefrot: d'Ëffentlechkeet huet déi griichesche Staatsschuldekris entdeckt, déi ganz séier d'Kris vun der gesamter Eurozon ginn ass.

Déi Verantwortlech fir dës Kris sinn net nëmmen a Griicheland ze fannen. De politeschen an ideologesche Wëllen, vun 2001 u Griicheland an d'Eurozon ze integréieren – an dat ouni déi wirtschaftlech Leeschtungsfäegkeet fir de Stabilitéits- a Wuesstemspakt ze respektéieren -, läit de wirtschaftlechen a soziale Feelentwécklungen zugronn.

Dräi aner Länner hunn och missten d'Troika ëm Hëllef froen: Irland, Portugal an Zypern. Den Europäesche Stabilitéitsmechanismus huet och misste mat engem Hëllefspang fir déi spuenesch Banken agräifen.

Déi sozial Käschte fir d'Awunner vun deene Länner sinn extrem héich. Besonnesch a Griicheland ass d'Situatioun einfach inakzeptabel.

Och wann déi sozial Konsequenze fir déi aner EU-Bierger net grad esou dramatesch waren, sinn se all un der Euro-Rettung bedeelegt.

De Bäitrag vu Lëtzebuerg ass héich: bilaterale Prêt vun 206 Milliounen u Griicheland ; Staatsgarantien an der Héicht vun 2 Milliarden Euro fir de Fonds européen de stabilité financière (FESF) ; Prêt vun 1,1 Milliard Euro fir den internationale Währungsfong (FMI); Bedeelegung um Kapital vum Europäesche Stabilitéitsmechanismus (ESM) an der Héicht vun 1,75 Milliarden Euro, wouvunner der 200 Milliounen schon abezuelt goufen. Am Kader vun der Euro-Rettung huet de Staat och missten d'Bank Fortis retten a sech um Kapital vun der BGL bedeelegen.

Proportional gesinn (Awunnerzuel) ass Lëtzebuerg bei wäitem dat Land, wat am meeschten zu deenen ënnerschiddlechen Hëllefsmesurë bäigedroen huet.

Am Kader vun enger Währungsunioun hunn d'Memberen net méi d'Méiglechkeet fir sech wirtschaftlech duerch eng Ofwäertung vun hirer Währung ëmzestellen. Bei enger relativer Schwächt um wirtschaftleche Plang bleift nëmmen nach déi intern Ofwäertung iwwreg mat – an de schlémmste Fäll - de soziale Konsequenzen, déi Griicheland kann huet a kennt.

Aus deem Grond huet d'ADR schonns 2011 fir Griicheland e fräiwëllegen Austrëtt aus der Eurozon proposéiert; en Austrëtt, dee vu konkreten a massiven Hëllefsmesurë begleet wier, fir datt dës Natioun nees hir wirtschaftlech Souveränitéit zrëckkritt. Falls néideg muss dës Léisung – Austrëtt aus der Eurozon mat Hëllefsmesurë fir d'Wirtschaft vun deem Land ze stabiliséieren – och anere Länner aus der Eurozon proposéiert ginn, déi a grouse Schwieregkeete sinn, fir ebe grad eng sozial Katastroph ze verhënneren.

D'ADR schwätzt sech kloer fir den Euro aus, mais d'Länner aus der Eurozon müssen iwwert wirtschaftlech Kapazitéite verfügen an hir öffentlech Finanzen esou geréieren, datt de Stabilitéits- a Wuesstempakt respektéiert gëtt (Maastricht-Kritären: öffentlechen Defizit ënnert 3% vum PIB an öffentlech Schold ënnert 60% vum PIB).

D'ADR ass fir national Mechanismen, déi gesond Staatsfinanze garantéieren, besonnesch d'Schuldebremms. L'ADR ass awer géint eng Amësche vun den internationalen Institutionen an d'Budgete vun de Memberstaaten, mat der Ausnam vun deene Länner, déi a grouse Schwieregkeete sinn an déi finanziell ënnerstëtzt goufen duerch déi ënnerschiddlech Mechanismen. Aus deem Grond huet d'ADR an der Chamber géint den Traité iwwert Stabilitéit, Koordinéierung a Steierung an der Wirtschafts- a Währungsunion gestëmmt.

D'ADR verlaangt, datt den Artikel 123 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Union strikt respektéiert gëtt. Deen Artikel verbitt et, de Memberstaaten e Kredit ze accordéieren. D'ADR ass géint eng Transfertunion. Aus deemselwechte Grond kann d'ADR och net de Prinzip vun den Eurobonds acceptéieren, well d'Gewiicht vun den héijen Zënse misst vun de Kreditter vun de Staaten, déi d'Kritäre vum Stabilitéits- a Wuesstempakt respektéieren, gedroe ginn, woubäi aner Staate kéinten hire Staatsdefizit an d'Luucht dreiwen a gläichzäiteg vu virdeelhaften Zënse par rapport zu hirer wirtschaftlecher Situatioun géife profitéieren.

Artikel 123 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU (konsolidéiert Versioun)

1. Überziehungs- oder andere Kreditfazilitäten bei der Europäischen Zentralbank oder den Zentralbanken der Mitgliedstaaten (im Folgenden als „nationale Zentralbanken“ bezeichnet) für Organe, Einrichtungen oder sonstige Stellen der Union, Zentralregierungen, regionale oder lokale Gebietskörperschaften oder andere öffentlich-rechtliche Körperschaften, sonstige Einrichtungen des öffentlichen Rechts oder öffentliche Unternehmen der Mitgliedstaaten sind ebenso verboten wie der unmittelbare Erwerb von Schuldtiteln von diesen durch die Europäische Zentralbank oder die nationalen Zentralbanken.

D'ADR verlaangt och, datt d'Lëtzebuerger Regeirung seng Parten an den internationalen Organisatiounen nei verhandelt (Europäesch Zentralbank, Internationale Währungsfong, asw.) fir datt de Bäitragundeel vum Grand-Duché méi staark seng Awunnerzuel reflektéiert a fir ze verhënneren, datt d'Contributiounen iwwerdriwwen héich sinn am Verhältnis zur Awunnerzuel.

D'ADR verlaangt, datt d'Onofhängegkeet vun der Europäescher Zentralbank a vun den nationalen Zentralbanke respektéiert gëtt.

3. Géint europäesch Taxen, fir méi Budgetdisziplin

D'Europäesch Unioun verfügt am Ament iwwert dës finanziell Ressourcen:

- Eege Ressourcen: droits de douane ("Zollabgaben"), prélèvements agricoles ("Agrarabschöpfungen"), Tax op den Zocker (ëm déi 15% vum Gesamtbudget vun der EU fir 2013)
- TVA-Ressource: "Abrufsatz" vun 0,3% op den nationalen TVA-Recetten (11% vum Budget)
- Ressourcen aus dem Bruttonationalakomes (RNB): all Memberstaat muss 0,73% vum sengem Bruttonationalakomes ofginn (73% vum Gesamtbudget)
- Ënnerschiddlech Ressourcen: Besteuerung vun den EU-Beamten, Geldstrofen, Contributiounen vun Drëttlänner fir spezifesch Programmer (1% vum Gesamtbudget)
- De Vereenegte Kinnekräich, Schweden an Holland hu Recht op en Ausgläich

Am Budget vun der EU fir 2013 stinn dës Recetten aus Lëtzebuerg: droits de douane 15,7 Milliounen Euro; TVA-Ressource 48,8 Milliounen Euro; Ressourcen aus dem Bruttonationalakomes (RNB) 237 Milliounen Euro; fir de Korrekturmechanismus zugonschte vum Vereenegte Kinnekräich 16,6 Milliounen; fir d'Reduktioun vun der Bruttonationalakomes-Bedelegung, déi Holland a Schweden zegutt hunn 2 Milliounen Euro; dat heescht e Gesamtmontant vun 320 Milliounen Euro. Dëst entsprécht ongeféier 640 Euro pro Awunner.

De Gesamtbudget vun der EU beleeft sech fir 2013 op 123,8 Milliarden Euro, dat heescht ëm déi 265 pro Awunner.

Vill Federaliste wëllen d'Ressourcë vun der EU an d'Luucht setzen, verschiddener plädéiere souguer fir eng europäesch Steuer. D'ADR ass vehement géint d'Aféierung vun esou eng Steuer op eng Tax um europäeschen Niveau.

D'Recht fir Steieren oder Taxen ze erhiewen ass historesch gesinn ee vun de wichtigste Fëllementer vum Parlamentarismus, an d'Ofstëmmung iwwert de Budget an d'Budgetskontroll gehéieren zu de wichtigste Prerogative vum Parlament vis-à-vis vun der Exekutiv.

Enger europäescher Institutioun d'Recht ze ginn, EU-Steieren ze erhiewen, géif net nëmme bedeitend manner Souveränitéit bedeiten; et wier och e Schrëtt a Richtung Federalismus. D'ADR acceptéiert och net de Prinzip vun europäeschen Taxen.

D'ADR ass géint eng Erhéijung vum EU-Budget, déi iwwert d'Inflatioun an d'Porgressioun vum PIB geet. D'EU, déi ëmmer nees méi Budgetdisziplin vun de Memberstaate verlaangt

(Scholdebremms, Europäesche Semester, ...), kann net dës Prinzipien ignoréieren, wann et ëm hiren eegene Budget geet.

D'EU muss hir Depensen op hir aktuell Kompetenzberäicher limitéieren. Si däerf op kee Fall iwwert de sougenannte Cadre financier pluriannel 2014-2010 goen, an deem hir finanziell Engagementer op 1% vun hirem RNB plafonnéiert sinn.

D'Gestioun vun den europäeschen Institutiounen, vun hirer Verwaltung a vun hire villen Agencë muss mat der néideger Rigueur assuréiert a reegelméisseg Kontrollen ënnerworf ginn. Déiselwecht Rigueur an dës Kontrolle mussen och fir d'Subventiounen, déi d'EU ausbezilt, gëllen.

4. De Welthandel

D'EU ass déi gréisst Wirtschaftsmuecht vun der Welt. Si ass gläichzäiteg de gréissten Importateur vun der Welt (1794 Milliarden Euro am Joer 2012) an de gréissten Exportateur (1686 Milliarden Euro), an huet en Undeel vu 15% um Weltwuereverkéier (2012). Dës Positioun bréngt Flichte mat sech, sief et vis-à-vis vum Rescht vun der Welt oder innerhalb vun der EU (Chômage-Taux vun 10,7% am Januar 2014).

Weltwäit e fairen Handel fir jiddereen ze organiséiere wier d'Léisung fir déi meescht Konflikter a fir déi onkontrolléiert Migratioun.

E fairen Handel baséiert net nëmmen op d'Ofschafe vun den Zolltariffer an op Investissementer am Ausland, mä muss och d'Mënscherechter, d'Sozial- an Aarbechtsrecht, d'Ëmwelt an déi nohalteg Entwécklung respektéieren.

D'Handelspolitik ass eng exklusiv Kompetenz vun der EU.

Artikel 21 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun (konsolidéiert Versioun)

(2) Die Union legt die gemeinsame Politik sowie Maßnahmen fest, führt diese durch und setzt sich für ein hohes Maß an Zusammenarbeit auf allen Gebieten der internationalen Beziehungen ein, um

(...)

d) die nachhaltige Entwicklung in Bezug auf Wirtschaft, Gesellschaft und Umwelt in den Entwicklungsländern zu fördern mit dem vorrangigen Ziel, die Armut zu beseitigen;

e) die Integration aller Länder in die Weltwirtschaft zu fördern, unter anderem auch durch den schrittweisen Abbau internationaler Handelshemmnisse;

D'ADR steet zu de Prinzipien, déi am Artikel 21 vum Traité iwwert d'EU genannt sinn, mä bleibt ganz skeptesch, wat d'Resultater ugeet. Den Accord vu Bali – den éischten, deen am Kader vum Schafe vun der Welthandelsorganisatioun ënnerschriwwen gouf – ass e ganz schwaache Kompromëss a betrëfft nëmmen 10% vum Reformprogramm, deen 2001 zu Doha lancéiert gouf.

D'ADR ass fir weltwäit Handelsaccorden, déi all d'Kritären, déi am Traité vu Lissabon opgezielt ginn, respektéieren, an déi och déi berechtigt wirtschaftlech a sozial Interesse vun den EU-Memberstaaten a vun hire Partner respektéieren.

D'ADR ass – am Fall, wou esou Handelsaccorden net méiglech wieren – fir bilateral Traitéen tëscht der EU a bestëmmte Wirtschaftsregionen, wéi zum Beispill d'Wirtschaftspartnerschaftsaccorden (WPA) mat den AKP-Länner (Afrika, Karibik, Pazifik). D'ADR begréisst och d'Verhandlungen iwwert en neien transatlantesche

Partnerschaftsofkommes (TTIP). D'ADR verlaangt awer, datt op Konfliktléisungsprozedure verzicht gëtt, déi nëmmen dozou dénge legal Dispositiounen ze ëmgoen, an datt sozial an Ëmwelkriterie respektéiert ginn.

D'ADR verlaangt, datt bei de Verhandlungen zu internationalen Accorden d'Commissioun hire Partner de Respekt viru Mindestnormen imposéiert, , wat d'Soziaalt an d'Ëmwelt ugeet. D'Ausbeutung vun de Salariéen, Kanner a Frae mat abegraff, an d'Verschwendung vun natierleche Ressourcë (Ofholzung, Monokulturen, asw) muss verhënnert ginn.

D'ADR verlaangt, datt déi national Parlamenter reegelméisseg informéiert ginn iwwert de Verlaf vun esou Wirtschaftsaccorden. All dës Accorde mussen duerch déi national Parlamenter ratifizéiert ginn.

AARBECHT & BESCHÄFTEGUNG

5. Fir e méi soziaalt Europa

De Grënnungstext vun deem, wat méi spéit d'EU ginn ass, den Traité zur Grënnung vun der Eruopäescher Gemeinschaft (Traité vu Roum, de 25. Mäerz 1957 ënnerschriwwen), huet sech ënnert anerem de sozialen a wirtschaftleche Fortschrëtt als Zil ginn.

Am aktuellen Text vum Traité iwwert d'EU geet méttlerweil iwwert Sozialwirtschaft, kombinéiert mat engem héich kompetitive Marché, rieds.

Artikel 3 vum Traité iwwert d'EU (konsolidéiert Versioun)

3. Die Union errichtet einen Binnenmarkt. Sie wirkt auf die nachhaltige Entwicklung Europas auf der Grundlage eines ausgewogenen Wirtschaftswachstums und von Preisstabilität, eine in hohem Maße wettbewerbsfähige soziale Marktwirtschaft, die auf Vollbeschäftigung und sozialen Fortschritt abzielt, sowie ein hohes Maß an Umweltschutz und Verbesserung der Umweltqualität hin. Sie fördert den wissenschaftlichen und technischen Fortschritt.

Leider ass de gudde Wëllen net duergaangen, fir d'ëst och ëmzesetzen. Déi vill Initiativen – vum Conseil européen extraordinaire iwwert Beschäftigungsfragen, deem am November 1997 zu Lëtzebuerg organiséiert gouf, zum Europäesche Pakt fir déi Jonk, deem de 5. Dezember 2012 vun der Commissioun virgestallt gouf – hunn et net fäerdegbruecht, de Chômageaux erofzedrécken.

D'Resultat no bal 6 Joerzénge – vum Gemeinsame Maart zur EU – ass desastré: 26,2 Millioune Männer a Frae sinn am Chômage an den 28 EU-Memberstaaten, dat heescht de Chômage-Taux läit bei 12%. Méi wéi ee Véierel vun de Salariaë sinn am Chômage a Spuenien a Griicheland. De Chômage-Taux bei de Jonke läit bei 23,4% an der EU, an ass ëm déi 50% a Kroatien, Griicheland a Spuenien (Zuele vu Januar 2014, Quell: Eurostat).

Et geet net duer, wéi et de Jean-Claude Juncker als fréiere President vum Eurogrupp mécht, fir d'Sonnesriede säi soziale Mantel unzedoen; et muss ee mat enger grousser Determinatioun handeln, fir datt jiddereen eng Aarbecht kritt, mä och fir datt d'Salariaë kënne mat Dignitéit vun hirer Aarbecht liewen.

D'ADR wäert alles asetze fir um europäeschen Niveau de Chômage ze reduzéieren a gläichzäiteg de Sozialschutz ze ehalen. Et müssen an deem Sënn d'Beschäftigungsmoosname vun den eenzelne Memberstaate besser koordinéiert ginn. Nom Beispill vun de Kritären, déi fir eng Bedeelegung un der Eurozon festgehale goufen, plädéiert d'ADR fir d'Festhale vu Konvergenzkritäre fir d'Sozialnormen (Chômage-Taux, Jugendchômage, soziale Mindestloun par rapport vum Medianakomes, Mindestakomes par rapport zur Aarmutsgrenz, asw.)

D'ADR verlaangt, datt de Bannemaart och op eng staark sozial Reglementéierung baséiert. De fréie Wueren- a Déngschtleeschungsverkéier d'äerf et net erlaben, datt de Sozialschutz

ëmgaangen oder no ënne nivelléiert gëtt. Fir de Sozialdumping ze verhënnere plädéiert d'ADR fir eng progressiv Harmoniséierung vum Aarbechtsrecht an der EU, an zwar doduercher, datt sech progressiv un d'Norme vun deene Länner, déi déi virdeelhaftst Normen hunn, ugepasst gëtt.

D'ADR plädéiert fir d'Aféiere vu sozial Mindestnormen (z.B. e soziale Mindestloun, e garantéierte Mindestakkommes, eng obligatoresch Sozialversécherung fir jiddereen, d'Fräiberuffler mat abegraff, asw), wou den Niveau vun den eenzelne Memberstaate bestëmmt an un d'Wirtschaftssituatioun vum Land adaptéiert gëtt; mä mam Wëllen, dës Normen no uewen ze harmoniséieren.

D'ADR wënscht sech eng EU, an där d'Wärter vun der sozialer Gerechtegkeet a vun der Solidaritéit als ieweschst Prioritéit ugesi ginn. Dës Wärter musse bei all politesch Decisioun berücksichtegt ginn. Europa muss virbildhaft bleiwen am Beräich vum Sozialschutz a vun der Universalitéit vun den öffentlechen Déngschter.

D'Decisiounen zum Bedreiw (Privatfirma oder Staatsbetrieb) vu Servicer wéi Waasser-, Gas- an Elektreschversuergung oder öffentlechen Transport mussen nees eng direkt Kompetenz vun de Memberstaate ginn.

De Kampf géint d'Aarmut däerf net nëmmen eng national Kompetenz sinn, mä muss gläichzäiteg vun der EU ënnerstëtzt ginn an als ee vun den Evaluatiounskritäre vun der Konvergenzpolitik betruecht ginn.

D'Direktiven, wéi zum Beispill déi sougenannten "Entsenderrichtlinie" (directive détachement), mussen esou amendéiert ginn, datt fir den Aarbechter e maximale Sozialschutz an eng maximal sozial Ofsécherung garantéiert bleiwen, déi ni däerfe méi niddreg sinn ewéi d'Norme vum Land, an deem d'Aarbecht tatsächlech duerchgeféiert gëtt. Si mussen och de Sozialdumping, deen duerch d'Grënnung vu Firmen, déi nëmmen zu deem Zweck gegrënnt ginn, oder duerch dubiéis Aarbechtskontrakter bedriwwe gëtt, verbidden.

Dat soziaalt Europa muss och den nationalen Interessie vu Lëtzebuerg, déi absolut legitim sinn, Rechnung droen, an däerf net als Virwand benotzt ginn, fir den Niveau u Sozialschutz oder u Schutz, dee vum Lëtzebuurger Aarbechtsrecht garantéiert gëtt, ze reduzéieren. D'Lëtzebuurger Regierung, d'Lëtzebuurger Mandatairen an de verschiddenen europäeschen Institutiounen an d'Lëtzebuurger Europadeputéiert mussen dofir kämpfen, datt den héijen Niveau u Sozialschutz, deen am Ament zu Lëtzebuerg ass, net reduzéiert gëtt duerch déi europäesch Gesetzgebung, an ënnert anerem och duerch Decisioune vum Europäesche Geriichtshaff.

De soziale Mindestloun zu Lëtzebuerg oder de Salaire, deen duerch e Kollektivvertrag festgeluecht gouf, muss fir all Aarbecht, déi zu Lëtzebuerg duerchgeféiert gëtt, gëllen, ganz onofhängeg vum legale Statut vun der concernéierter Persoun.

**IMMIGRATION,
GRENZEN
&
SÉCHERHEIT**

6. Jo zum fräie Persouneverkéier, neen zum Sozialtourismus

Fir d'ADR gehéieren de fräie Persouneverkéier an d'Ofschafe vun de Grenzkontrollen an der EU, wat besonnesch duerch den Accord vu Schengen realiséiert gouf, zu de groussen Acquisse vum europäesche Projet.

D'ADR ënnersträicht awer, datt den Accord vu Schengen de 15. Juni 1985 vum Benelux, Däitschland a Frankräich ënnerschriwwe gouf, dat heescht vu fënnef Länner mat engem equivalente Liewensniveau a mat ähnlechen Normen an de Beräicher Justiz, Police a Sozialschutz.

A praktesch 30 Joer ass de Schengen-Raum wesentlech méi grouss ginn, an erfaasst méttlerweil Länner mat ganz ënnerschiddleche wirtschaftlechen a soziale Standarden, obwuel all d'Signataire d'Acquisse vu Schenge musse respektéieren.

Am Fréijoer 2013 hunn d'Inneministeren aus Däitschland, Éisterräich, Holland an dem Vereenegte Kinnekräich der Europäescher Commissioun e Bréif zoukomme gelooss, an deem se bemängelen, datt Migranten aus anere Memberstaaten hir Sozialleeschtungssystemer (Chômage, Gesondheetssystem, asw.) ënner Drock setzen.

D'ADR ënnersträicht, datt den Traité vu Lissabon, d'Conventioun vu Schengen an d'Direktiven zum fräie Persouneverkéier Dispositiounen enthalen, déi dozou bestëmmt sinn, de Sozialtourismus ze vermeiden. D'Artikele 45 a 46 vum Traité vu Lissabon betreffe méi spezifesch de fräie Persouneverkéier. D'Direktiv 2004/38/CE enthält hirersäits de Prinzip vun den „ausreichende Existenzmittel“ (ressources suffisantes).

Directive 2004/38/CE

Artikel 7 - Recht auf Aufenthalt für mehr als drei Monate

(1) Jeder Unionsbürger hat das Recht auf Aufenthalt im Hoheitsgebiet eines anderen Mitgliedstaats für einen Zeitraum von über drei Monaten, wenn er

a) Arbeitnehmer oder Selbstständiger im Aufnahmemitgliedstaat ist oder

b) für sich und seine Familienangehörigen über ausreichende Existenzmittel verfügt, so dass sie während ihres Aufenthalts keine Sozialhilfeleistungen des Aufnahmemitgliedstaats in Anspruch nehmen müssen, und er und seine Familienangehörigen über einen umfassenden Krankenversicherungsschutz im Aufnahmemitgliedstaat verfügen oder

c) — bei einer privaten oder öffentlichen Einrichtung, die von dem Aufnahmemitgliedstaat aufgrund seiner Rechtsvorschriften oder seiner Verwaltungspraxis anerkannt oder finanziert wird, zur Absolvierung einer Ausbildung einschließlich einer Berufsausbildung als Hauptzweck eingeschrieben ist und

– über einen umfassenden Krankenversicherungsschutz im Aufnahmemitgliedstaat verfügt und der zuständigen nationalen Behörde durch eine Erklärung oder durch jedes andere gleichwertige Mittel seiner Wahl glaubhaft macht, dass er für sich und seine Familienangehörigen über ausreichende Existenzmittel verfügt, so dass sie während ihres Aufenthalts keine Sozialhilfeleistungen des Aufnahmemitgliedstaats in Anspruch nehmen müssen, oder

d) ein Familienangehöriger ist, der den Unionsbürger, der die Voraussetzungen des Buchstabens a), b) oder c) erfüllt, begleitet oder ihm nachzieht.

D'Gesetz vum 26. Abrëll 2012 iwwert de fréie Persouneverkéier an d'Immigratioun setzt dës Dispositionen an nationaalt Recht ëm. Den EU-Bierger kann also fir méi wéi 3 Méint zu Lëtzebuerg bleiwen, wann en "für sich und seine Familienangehörigen über ausreichende Existenzmittel verfügt, so dass sie während ihres Aufenthalts keine Sozialhilfeleistungen des Aufnahmemitgliedstaats in Anspruch nehmen müssen, und er und seine Familienangehörigen über einen umfassenden Krankenversicherungsschutz im Aufnahmemitgliedstaat verfügen". D'ADR besteet drop, datt dëst Gesetz strikt ugewannt gëtt.

Et muss ee souwuel d'Sozialsystemer vu Lëtzebuerg, ewéi och d'Bierger aus anere Memberstaate schützen, déi duerch falsch Versprieche oder ganz kuerzfristeg Aarbechtskonkrater ugezi ginn, a ganz séier wéinst den héije Wunnengspräiser mam der Aarmut an der Exklusioun konfrontéiert ginn.

7. Oppe Grenzen, mä nämme fir éierlech Bierger

D'ADR steet zum Accord vu Schengen , mä verlaangt och, datt, esou dacks wéi néideg, de Lëtzebuenger Staat vu sengem Recht, déi national Grenzen ze kontrolléieren,. Gebrauch mécht. Fir dat Recht auszeüben, muss de Staat déi néideg Infrastrukturen oprecht erhalen ; wat besonnesch fir déi fréier Grenzhaisercher op den Autobunnen.

Übereinkommen zur Durchführung des Übereinkommens von Schengen vom 14. Juni 1985

Artikel 2

1. Die Binnengrenzen dürfen an jeder Stelle ohne Personenkontrollen überschritten werden.

2. Wenn die öffentliche Ordnung oder die nationale Sicherheit es indessen erfordern, kann eine Vertragspartei nach Konsultation der anderen Vertragsparteien beschließen, dass für einen begrenzten Zeitraum an den Binnengrenzen den Umständen entsprechende nationale Grenzkontrollen durchgeführt werden. Verlangen die öffentliche Ordnung oder die nationale Sicherheit ein sofortiges Handeln, so ergreift die betroffene Vertragspartei die erforderlichen Maßnahmen und unterrichtet darüber möglichst frühzeitig die anderen Vertragsparteien.

3. Die Anwendung von Artikel 22 und die Ausübung der Polizeibefugnisse durch die nach Maßgabe des nationalen Rechts zuständigen Behörden einer Vertragspartei in dem gesamten Hoheitsgebiet dieser Vertragspartei sowie die im Recht dieser Vertragspartei vorgesehenen Verpflichtungen über den Besitz, das Mitführen und das Vorzeigen von Urkunden und Bescheinigungen bleiben von der Abschaffung der Personenkontrollen an den Binnengrenzen unberührt.

(...)

Artikel 22

1. Drittausländer, die rechtmäßig in das Hoheitsgebiet einer der Vertragsparteien eingereist sind, sind verpflichtet, unter den Voraussetzungen, die von jeder Vertragspartei festgelegt werden, sich bei den zuständigen Behörden der Vertragspartei zu melden, in deren Hoheitsgebiet sie einreisen. Die Anzeige kann nach Wahl jeder Vertragspartei entweder bei der Einreise oder, innerhalb einer Frist von drei Arbeitstagen von dem Einreisedatum an, im Landesinnern erfolgen.

2. Drittausländer, die im Hoheitsgebiet einer Vertragspartei ansässig sind und sich in das Hoheitsgebiet einer anderen Vertragspartei begeben, unterliegen der Meldepflicht nach Absatz 1.

D'ADR wëll ënnert anerem, datt d'Grenzkontrollen da verschäerft ginn, wann d'Asyldemandë besonnesch héich sinn. Dës Kontrollen mussen dozou féieren, datt den Dublin II – Reglement applizéiert gëtt, an deem festgehale gouf, datt een eenzege Memberstaat zoustänneg ass fir d'Préifung vun enger Asyldemande. Zibléiert Grenzkontrolle sollen och dozou hëllefen, d'Land ze bestëmmen, duerch dat déi potentiell Asylanten op Lëtzebuerg kommen; dëst, well de Grand-Duché keng Landgrenzen huet mat Länner, deenen hir Bierger kéinten eng Asyldemande areechen.

Ciblériert Kontrollgrenze sollen et och erlaben, Abusen, wéi zum Beispill dat organiséiert Heeschen (mendicité organisée) ze vermeiden.

D'ADR ënnerstëtzt d'Zesummenaarbecht vun de Forces de l'ordre, um Niveau vun der EU et vum Schengen-Raum, fir géint den Terrorismus, de Mënschenhandel, déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit, déi illegal Migratioun an den Drogentrafik ze kämpfen.

D'ADR gëtt hiren Accord, wat de sougenannten „droit de poursuite en cas de flagrant délit“ ugeet, esou wéi en am Traité vun Amsterdam definéiert gouf, deen als Zil hat e Raum vun der Fräiheet, der Sécherheet a vum Recht ze schafen.

D'ADR wëll awer, datt den Traité vu Prüm zur grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht vun de Forces de l'ordre (de 27. Mee 2005 ënnerschriwwen) méi restriktiv applizéiert gëtt, an datt den Traité nëmmen an deene Fäll applizéiert gëtt, déi am Gesetz vum 22. Dezember 2006 virgesi sinn: Kampf géint den Terrorismus, déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit an déi illegal Migratioun.

D'ADR verlaangt, datt deen Traité net applizéiert gëtt fir d'Presenz, op eisem Territoire, vun auslännesche Polizisten am Kader vu präventiv Patrullen ze erlaben, zum Beispill während der Schueberfouer.

8. Der EU-Erweiterung kloer Grenze setzen

D'ADR erkennt déi historesch wichteg Roll vun der EU-Erweiterung un. Verschidde Südlänner hunn esou konnten Demokratie- a Wirtschaftsdefiziter iwewannen, a virun allem, de Bäitritt vu Länner, déi op der anerer Säit vum Eisene Niveau waren, huet et erlaabt de Friden um Kontinent nohalteg ze stäerken.

D'ADR ass trotzdem der Meenung, datt et am Ablack wichteg ass, d'Acquisen ze festegen an eng méi grouss Harmoniséierung tèscht de Memberstaaten ze harmoniséieren, besonnesch vun engem sozialen, wirtschaftlechen a juristesche Standpunkt, ier nei Memberstaaten der EU bäitrieden.

D'ADR ass net géint bilateral oder regional Accorde mat Länner aus dem Balken oder Osteuropa, fir datt se, op allen Niveau, esou no wéi méiglech un d'Standarde vun der EU kommen.

D'ADR ass strikt géint den EU-Bäitritt vun der Tierkei. Dëse Bäitritt géif de politeschen, institutionellen a kulturellen Equilibre an der EU ganz déif an dauerhaft veränneren. Duerch déi rezent Evenementer an der Tierkei (Korruptioun vu Regierungsmemberen, Relatiounen tèscht Regierung a Justiz a Police, asw) fillt sech d'ADR an hirem Refus vun engem Bäitritt bestätegt. Fir ganz kloer ze markéieren, datt d'Tierkei net däerf EU-Member ginn, verlaangt d'ADR, datt d'Verhandlung ronderëm en EU-Bäitritt vun der Tierkei direkt gestoppt ginn.

D'ADR stellt net de strategeschen Intérêt vun der Tierkei a Fro, an och net hir Roll als Bréckebauer tèscht den europaesche Kulturen an deene vun den islamesche Länner. Aus deem Grond ass et wichteg, de Lien tèscht der EU an der Tierkei ze stäerken duerch en Associatiounsofkommes, dat muss noahlteg sinn a vill Beräicher betreffen, wéi zum Beispill d'Wirtschaft, de Sozialschutz, d'Kultur, d'nohalteg Entwécklung an d'Verdeedegung.

Am Virfeld vun esou engem Accord muss d'EU vun den tierkeschen Autoritéite verlaangen, datt si sech zu de Standarde vun der Mënscherechtscharta bekennen. D'Tierkei muss all d'Kritäre vun där Charta respektéieren, dat heescht och d'Chancëgläichheet tèscht Mann a Fra, d'Rechter vun de Minoritéiten an d'Rechter vun der politescher a gewerkschaftlecher Opposition. D'Tierkei muss op déi miliäresch Besetzung vun Nordzypem verzichten, pazifesch de Grenzkonflikter mat Griicheland en Enn setzen an hir „Erënnerungsflucht“ vis-à-vis vum armenesche Vollek erfëllen.

D'ADR verlaangt, datt all Ratifizéierung vun engem neien EU-Bäitritt zu Lëtzebuerg per Referendum gestëmmt gëtt.

9. Eng Roll fir d'EU an der Aussen- a Sécherheetspolitik

Och als grouss Wirtschaftsmuecht beweist d'EU ëmmer nees, wéi wéineg si an der Aussen- a Sécherheetspolitik ze soen huet. D'Méiglechkeet vun enger iranescher Atombomm, de Biergerkrich a Syrien an d'Situatioun an der Krim si just déi méi rezent Beispiller vun den Erausforderungen, déi sech am Beräich vun der Aussen- a Sécherheetspolitik den europäesche Staate stellen.

D'ADR ass iwwerzeegt, datt d'EU muss eng méi kredibel Roll kënnen spillen um internationalen Niveau, besonnesch an der Verdeedegung vun den demokratesche Wäerter, vun der sozialer Gerechtegkeet, vun Respekt vun de Mënscherechter a virun allem an der Verdeedegung vun de Grondrechter. Des Prinzipie vun der EU musse virun allem am Welthandel zum Virschäin kommen.

Keen EU-Memberstaat verfügt eleng iwwert déi neideg diplomatesch Muecht oder militäresch Ressourcen, fir am Fall vun enger gréisser Kris anzegräifen. Fir d'ADR muss sech d'Militärsécherheet vun den europäesche Staaten an éischter Stell an der Atlantescher Allianz organiséieren. Aus deem Grond ass d'ADR fir staark Relatiounen mat de Vereenegte Staate vun Amerika a mat Kanada. D'Relatiounen tëscht de Memberstaate vun der NATO mussen um Prinzip vum géigesäitege Respekt baséiert. Déi europäesch Staate mussen e fairen Undeel an der gemeinsamer Verdeedegung droen.

D'ADR plädéiert fir d'Bäibehalen, falls néideg souguer fir den Ausbau vun den NATO-Strukturen a wëll eng europäesch Identitéit innerhalb vun der Allianz féerden.

D'EU muss sech kënnen fir de Respekt vum internationale Recht engagéieren a mat der Ënnerstëtzung vun de Memberstaaten humanitär Hëllef leeschten. Am Kader vun der NATO oder vun enger europäescher Verdeedegungspolitik muss d'EU de Kampf géint den Terrorismus ënnerstëtze kënnen. Si muss sech och u Moosname fir d'Erhale vum Fridde bedeelege kënnen, an zwar mat zivile Mëttelen an eventuell, ënnert dem Mandat vun de Vereenten Natiounen, mat militäresche Mëttelen.

D'ADR ass der Meenung, datt an deem Kader, dat heescht innerhalb vun de Vereenten Natiounen, vun der NATO oder am Kader vun der europäescher Verdeedegungspolitik, d'Lëtzebuerger Arméi muss kënnen operationell Kontingenten, déi gutt entrainéiert an arméiert sinn, zur Verfügung stellen.

Artikel 3 vum Traité iwwert d'EU (konsolidéiert Versioun)

1. Ziel der Union ist es, den Frieden, ihre Werte und das Wohlergehen ihrer Völker zu fördern.
2. Die Union bietet ihren Bürgerinnen und Bürgern einen Raum der Freiheit, der Sicherheit und des Rechts ohne Binnengrenzen, in dem — in Verbindung mit geeigneten Maßnahmen in Bezug auf die Kontrollen an den Außengrenzen, das Asyl, die Einwanderung sowie die Verhütung und Bekämpfung der Kriminalität — der freie

Personenverkehr gewährleistet ist.

Am Respekt vun deem Artikel muss déi international Zesummenaarbecht um Niveau vun der Police a vun der Justiz virbildhaft sinn an dëse Beräicher: Kampf géint den Terrorismus, Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit, Kampf géint den Drogenhandel, Kampf géint de Mënschenhandel a Kampf géint déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit.

D'ADR verlaangt streng Kontrollen un den externe Grenze vun der EU.

D'ADR verlaangt vun der EU eng ferm Asylpolitik, komplementär zu deene vun de Memberstaaten, déi déi international Conventiounen respektéiert, besonnesch déi vu Genf, an déi effizient ass géint déi illegal Immigratioun. D'ADR ass net géint d'Bedeedung vu Lëtzebuerger u Grenzkontrollen (extern Grenze vun der EU) an och net géint d'Schafe vun engem europäesche Grenzschutzcorps fir déi extern Land- a Mieresgrenzen. Esou en europäesche Corps kann ënnert der Leedung an ënnert der Kontroll vun engem Memberstaat op deem sengem Territoire virgoen.

D'ADR ass fir de Respekt vun der Dispositioun vum Dublin II – Reglement, no där d'Asyldemandë mussen am éischten EU-Land behandelt ginn, an deem den Demandeur ukomm ass.

D'ADR verdeedegt dat natierlecht Recht vun all Staat fir seng Grenzen esou kontrolléieren ze kënnen, wéi en et fir richtig hält. Déi europäesch Instanzen sollen sech net dierfen an d'fräit Ausübe vun de souveräne Rechter vun de Staaten amëschen. Punktuell, cibléiert a limitéiert Kontrolle vun de Grenzen innerhalb vum Schengen-Raum kënnen op eng nätzlech a wierksam Manéier zum Kampf géint déi illegal Immigratioun an déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit bäidroen. D'ADR ass fir d'Iddi vun dem fräie Persouneverkéier, mä nëmme fir éierlech Bierger!

INSTITUTIONEN & DEMOKRATIE

10. Déi national Interessie verdeedegen

L'ADR stellt mat grousssem Bedauere fest, dass an der Vergaangenheet d'Lëtzebuenger Regierungen et méi wéi eng Kéier verpasst hunn déi vital Interessie vum Land ze verdeedegen. Aner Memberstaate sinn an deem Sënn méi hemmungslos, wann et drëms geet hir Interessien oder déi vun hire wichtigste Wirtschaftsacteuren ze verdeedegen. Dës Memberstaaten zécken net fir Rechtsakter ze imposéieren, déi am Widdersproch stinn zu den Interessie vu Lëtzebuerg.

Dat däitlechst Beispill ass den Ëmbruch an den TVA-Reegele fir den elektronische Commerce. D'ADR stellt fest, dass dës Ännerunge vun der Lëtzebuenger Regierung guttgeheescht goufen, obwuel se e gravé Réckgang vun de Steierrecettë mat sech bréngen. Aner Beispiller gëlle fir d'Finanzplaz a fir d'Steierharmoniséierung, wou nei Reegele Schrëtt fir Schrëtt d'Wirtschaftsstruktur ënnergruewen, op där de Wuelstand vu Lëtzebuerg, mä och säi Sozialsystem baséieren. Ganz rezent ass d'Zeréckruddere vun der Regierung am Dossier Zënsbesteuerung, an dat ouni Garantie, dass aner Finanzplaze, wéi z.B. d'Schwäiz, op deeselwechte Wee ginn. Dës onglécklech Decisioun riskéiert der Finanzplaz ganz vill ze schueden.

D'ADR verlaangt, dass d'Regierung vill méi konsequent déi national Interessien um europäeschen Niveau verdeedegt an net dem Drock vun anere Memberstaaten, vun europäeschen Institutionen oder vu supranationalen Organisatiounen nogëtt.

D'ADR erënnert drun, dass d'Fiskalitéit eng national Kompetenz ass an dass d'Decisionen, déi déi indirekt Fiskalitéit betreffen, mussen eestëmmeg geholl ginn.

Artikel 113 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU (konsolidéiert Versioun)

Der Rat erlässt gemäß einem besonderen Gesetzgebungsverfahren und nach Anhörung des Europäischen Parlaments und des Wirtschafts- und Sozialausschusses einstimmig die Bestimmungen zur Harmonisierung der Rechtsvorschriften über die Umsatzsteuern, die Verbrauchsabgaben und sonstige indirekte Steuern, soweit diese Harmonisierung für die Errichtung und das Funktionieren des Binnenmarkts und die Vermeidung von Wettbewerbsverzerrungen notwendig ist.

D'ADR fuerdert d'Regierung op, vum Vetorecht Gebrauch ze maachen, wann déi vital Interessie vum Land um Spill stinn.

D'Verdeedegung vun deenen Interessie verlaangt och, dass d'Lëtzebuenger Regierung méi offensiv a méi professionnel ass an der Presentatioun vu Lëtzebuerg am Ausland, an dat och an de Wirtschaftsmedien. Dës Verdeedegung kann och vu parastaatlechen Organismen assuréiert ginn, wéi zum Beispill Business for Luxembourg, mä muss fir dat Wesentlecht op den diplomatesche Reseau baséieren, deen an de Memberstaate muss verstärkt ginn.

Fir eng besser Verdeedegung vun den nationalen Interessien an der Europäescher Unioun ass och eng beschtméiglech Verriedung vu Lëtzebuerg an den ënnerschiddlechen Institutiounen an Organisme vun der EU néideg, dëst op allen Niveauen, sief et politesch, diplomatesch oder um Niveau vun den héije Beamten. D'ADR wäert dofir suergen, datt d'Deleguierter vu Lëtzebuerg vun de beschte Kompetenze profitieren: eng Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg kann an de Beräicher Fuerschung a Weiterbildung hëllefen.

11. D'Unanimitéit als allgemeng Reegel

Fir d'ADR sinn déi europäesch Institutiounen, ënnert deenen de Conseil an d'Commissioun, keng Regierung, mä international Administratiounen am Déngscht vun de Memberstaaten. Am Respekt vun de Subsidiaritäts- a Proportionaliéitsprinzipien akzeptéiert d'ADR net méi, datt Lëtzebuerg oder en anere Memberstaat ënner d'Tutelle vun iergendenger europäescher Institutioun gestallt gëtt.

Artikel 5 vum Traité iwwert d'EU (konsolidéiert Versioun)

1. Für die Abgrenzung der Zuständigkeiten der Union gilt der Grundsatz der begrenzten Einzelermächtigung. Für die Ausübung der Zuständigkeiten der Union gelten die Grundsätze der Subsidiarität und der Verhältnismäßigkeit.

2. Nach dem Grundsatz der begrenzten Einzelermächtigung wird die Union nur innerhalb der Grenzen der Zuständigkeiten tätig, die die Mitgliedstaaten ihr in den Verträgen zur Verwirklichung der darin niedergelegten Ziele übertragen haben. Alle der Union nicht in den Verträgen übertragenen Zuständigkeiten verbleiben bei den Mitgliedstaaten.

Fir d'ADR muss iwwert all Souveränitéitstransfert vum nationalen op den europäeschen (oder supranationalen) Plang per nationale Referendum ofgestëmmt ginn. D'Beispill vun Irland, wou Vertragsännerunge mussen duerch e Referendum ugeholl ginn, huet méi wéi eng Kéier bewisen, datt dësen Exercice d'Verhandlungspositioun vun der concernéierter Regierung stäerkt. D'Referendumen hunn et erlaabt, europäesch Texter ze verännere fir de Wënsch vun der Bevëlkerung Rechnung ze droen. Dës Beispiller mussen och d'Lëtzebuenger Regierunge guidéiere fir d'Interessie vu Lëtzebuerg héichzehalen.

D'ADR verlaangt, datt de Konsens, dat heescht d'Eestëmmegkeetsregel beim Vote, nees als allgemeng Reegel fir d'Decisiounen um EU-Niveau ageféiert gëtt. Zënter dem Akraafttriede vum Traité vu Lissabon kënnen Decisioune geholl ginn géint den Avis vun 13 Memberstaaten (vun 28!), déi net manner wéi 35% vun der Bevëlkerung duerstellen. De Prinzip vun der qualifizierter Majoritéit, esou wéi am Traité vu Lissabon festgeluecht, erlaabt et also d'Decisioun ze huele géint de Wëlle vun enger grousser Unzuel u Memberstaaten.

Am Kader vum Vote mat enger qualifizierter Majoritéit huet Lëtzebuerg de facto näischt ze soen!

Artikel 16 vum Traité iwver d'EU (konsolidéiert Versioun)

3. Soweit in den Verträgen nichts anderes festgelegt ist, beschließt der Rat mit qualifizierter Mehrheit.

4. Ab dem 1. November 2014 gilt als qualifizierte Mehrheit eine Mehrheit von mindestens 55 % der Mitglieder des Rates, gebildet aus mindestens 15 Mitgliedern, sofern die von diesen vertretenen Mitgliedstaaten zusammen mindestens 65 % der Bevölkerung der Union ausmachen.

D'ADR verlaangt, datt den Artikel 16, Paragraph 3, esou interpretéiert gëtt, datt all d'Ugeleeënheeten, déi vum Conseil ënnersicht ginn, ënnert dem Prinzip vum Konsens (Unanimitéit) falen.

Och wann d'Applizéiere vun der qualifizierter Majoritéit muss zur Ausnam ginn, musse bei der nächster Vertragsännerung d'Kritäre fir déi qualifiziert Majoritéit esou geännert ginn, datt den Accord vun op d'mannst 2/3 vun de Memberstaaten (aktuell 19 vun 28 Memberstaaten) néideg ass.

12. Déi europäesch Rechtsnorme besser ëmsetzen

“Déi ganz Direktiv an nëmmen d’Direktiv”: d’ADR verlaangt, datt d’Regierung an d’Chamber beim Ëmsetze vun europäesche Rechtsakten an d’nationaalt Recht dëse Prinzip respektéiert. Datt de Bierger an den Entreprisë keng Mesuren imposéiert ginn, déi méi wäit ginn ewéi déi, déi um europäeschen Niveau bestëmmt ginn, erlaabt et net nëmmen, d’Kompetitivitéit vum Land vis-à-vis vun anere Memberstaaten ze erhalen, mä ass och nach eng Manéier fir eng méi grouss Homogenitéit, Berechebarkeit a juristesche Sécherheet am Kader vum Bannemaart ze garantéieren.

D’ADR verlaangt, datt all europäesche Rechtsakt enger nationaler Zoustëmmungsprozedur ënnerworfen gëtt, déi en ëffentleche Charakter huet. Ënnert gewësse Conditiounen, déi kloer definéiert a streng applizéiert ginn, kënnen gewëssen europäesch Rechtsakter, déi technescher Natur sinn an eigentlech duerch e Règlement grand-ducal oder duerch eng einfach Verëffentlechung am Memorial kéinten ëmgesat ginn, enger méi einfacher Prozedur mat parlamentarescher Kontroll ënnerworfen ginn, ouni datt et muss zu engem Vote an der Plénière vun der Chamber kommen. Fir déi national Interessi esou wäit wéi méiglech ze erhalen, mussen d’Direktiven an aner europäesch Rechtsakter och am Virfeld vun der Chamber analyséiert ginn.

13. D'Chamber am Mëttelpunkt vun den europäeschen Decisiounen

Fir déi national Interessi op eng efficace Manéier ze verdeedege mussen déi verschidde Verrieder an den europäeschen Institutiounen, vum Premierminister bis bei d'Fonctionnairé mat Delegatiounen, am viraus iwwert kloer Mandater verfügen, déi am Accord mat der Chamber definéiert ginn. D'Chamber muss also bei wichtegen Decisiounen, déi am Conseil vun der EU ze huele sinn, am viraus informéiert ginn, fir datt et op d'mannst zu enger Debatt an der zoustänneger Chambercommissioun kënnt.

Fir datt d'Chamber kann dës Roll erfëllen, ginn hir Moyene verstärkt. D'Dokumenten, déi zu engem europäesche Rechtsakt (Reglementer oder Direktiven) oder zu engem Wäissbuch kënne féieren an déi vun den europäeschen Institutiounen un d'Chamber weidergeleet ginn, ginn den Deputéiert zur Verfügung gestallt, mat engem Resumé an enger Hierarchie vun de Prioritéiten. All d'Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, mussen genuch Personal hunn, fir déi europäesch Aarbecht ze verfollegen.

D'ADR verlaangt, datt d'Subsiaritéits- a Proportionnalitéitsprinzipie ganz streng respektéiert ginn.

Artikel 5 vum Traité iwwert d'EU (konsolidéiert Versioun)

1. Für die Abgrenzung der Zuständigkeiten der Union gilt der Grundsatz der begrenzten Einzelermächtigung. Für die Ausübung der Zuständigkeiten der Union gelten die Grundsätze der Subsidiarität und der Verhältnismäßigkeit.

2. Nach dem Grundsatz der begrenzten Einzelermächtigung wird die Union nur innerhalb der Grenzen der Zuständigkeiten tätig, die die Mitgliedstaaten ihr in den Verträgen zur Verwirklichung der darin niedergelegten Ziele übertragen haben. Alle der Union nicht in den Verträgen übertragenen Zuständigkeiten verbleiben bei den Mitgliedstaaten.

3. Nach dem Subsidiaritätsprinzip wird die Union in den Bereichen, die nicht in ihre ausschließliche Zuständigkeit fallen, nur tätig, sofern und soweit die Ziele der in Betracht gezogenen Maßnahmen von den Mitgliedstaaten weder auf zentraler noch auf regionaler oder lokaler Ebene ausreichend verwirklicht werden können, sondern vielmehr wegen ihres Umfangs oder ihrer Wirkungen auf Unionsebene besser zu verwirklichen sind.

Die Organe der Union wenden das Subsidiaritätsprinzip nach dem Protokoll über die Anwendung der Grundsätze der Subsidiarität und der Verhältnismäßigkeit an. Die nationalen Parlamente achten auf die Einhaltung des Subsidiaritätsprinzips nach dem in jenem Protokoll vorgesehenen Verfahren.

4. Nach dem Grundsatz der Verhältnismäßigkeit gehen die Maßnahmen der Union inhaltlich wie formal nicht über das zur Erreichung der Ziele der Verträge erforderliche Maß hinaus.

Die Organe der Union wenden den Grundsatz der Verhältnismäßigkeit nach dem Protokoll über die Anwendung der Grundsätze der Subsidiarität und der Verhältnismäßigkeit an.

D'Chamber muss dofir suergen, datt dës Prinzipie ganz strikt respektéiert ginn, a wäert, falls néideg, vun allen Instrumenter, déi hir duerch den Traité vu Lissabon zur Verfügung stinn, Gebrauch maachen. Wéinst de ganz kuerzen Delaien (aacht Woche fir en Avis motivé oder „giel Kaart“) wäert an der Chamberverwaltung eng sougenannten „Cellule de veille permanente“ agesat ginn, déi direkt déi pertinent Informatiounen un déi concernéiert Chambercommissiounen an un d'Parteien, déi am nationale Parlament vertruede sinn, weidergëtt.

D'Chambersreglement muss esou ëmgeännert ginn, datt och eng Minoritéit (zum Beispill een Drëttel vun den Deputéiert) kann de Mechanismus vum Avis motivé ausléisen. A Frankräich, zum Beispill, gi 6 Deputéiert vun der Assemblée nationale (vun am Ganze 577) oder 60 Senateuren (vun 348) duer fir en Asproch auszeléisen.

D'Chamber hält aktiv un den interparlamentareschen Aarbechte vun nationale Parlamenter vun EU-Memberstaate deel, mam Zil dat politescht Gewiicht vun deene Parlament vis-à-vis vun den europäeschen Institutiounen anzesetzen.

D'ADR ass géint d'Grënnung, um europäeschen Niveau, vun enger zweeter Chamber (wéi de Senat an de Vereenegte Staate vun Amerika oder de Bundesrat an Däitschland), déi parallel zum Europäesche Parlament géif fonctionnéieren an déi aus Verrieder vun den nationale Parlamenter zesummegeat wier. Eng nei europäesch Institutioun géif déi europäesch Mechanismen nach méi komplex maachen an d'Verantwortung vis-à-vis vum Beirger géif nach méi ofgeschwächt ginn.

14. Eng nei Hierarchie fir déi europäesch Rechtsnormen

D'ADR erënnert drun, datt eng Rei Traitéen d'Rechtsgrondlag si vun der EU, an datt déi national Verfassunge vun den eenzelne Memberstaaten hierarchesch gesinn an deene Länner déi stäerkst Rechtsnorm duerstellen. D'Staaten deleguieren en Deel vun hirer Souveränitéit un d'EU, am Fall vu Lëtzebuerg souguer nëmmen "temporairement" (Artikel 49bis vun der Verfassung).

D'ADR ass géint all Iddi vu Federalisatioun vun den EU-Memberstaaten, a plädéiert fir en Europa vun den Natiounen. D'ADR kënnt domadder op den Ursprung vun der europäescher Constructioun an ass der Meenung, datt en Europa vun den Natiounen, oder en "Europe des patries", wéi et de Charles de Gaulle formuléiert huet, méi wéi jee aktuell bleift.

Eng eventuell europäesch Verfassung ass iwwergens duerch e Referendum ausdrécklech vun de franséschen (29. Mee 2005) a vun den hollännesche Bierger (1. Juni 2005) ofgeleent ginn.

Den aktuellen institutionnellen a juristesche Kader vun der EU huet als Rechtsgrondlag den Traité iwwert d'EU an den Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU, d'Charta vun de Grondrechter vun der EU an divers Protokoller, Annexen an Declaratiounen, déi de 13. Dezember 2007 zu Lissabon ugeholl an ënnerschriwwen si ginn.

D'ADR erënnert drun, datt se d'Bierger opgeruff huet, géint den Traité iwwert eng Verfassung fir Europa ze stëmmen, wou zu Lëtzebuerg e Referendum organiséiert gouf. Dee gouf mat enger ganz knapper Majoritéit vu 56% vun de Lëtzebuerger Wieler ugeholl. D'ADR huet sech beim Vote an der Chamber, den 29. Mee 2008, wou den Traité vu Lissabon ratifizéiert gouf, enthalen.

D'ADR verlaangt, datt all déi europäesch an national Institutiounen den Traité vu Lissabon respektéieren a sech net nei Kompetenzen oder Missiounen ginn, déi net explizit an deem Traité ze fanne sinn. D'ADR wiert sech géint all Putsch vun den europäeschen Institutiounen, déi sech, zum Beispill ënnert dem Virwand vun der Kris, nei Pouvoire ginn.

Erklärungen zur Schlussakte der Regierungskonferenz, die den am 13. Dezember 2007 unterzeichneten Vertrag von Lissabon angenommen hat

18. Erklärung zur Abgrenzung der Zuständigkeiten

Die Konferenz unterstreicht, dass gemäß dem in dem Vertrag über die Europäische Union und dem Vertrag über die Arbeitsweise der Europäischen Union vorgesehenen System der Aufteilung der Zuständigkeiten zwischen der Union und den Mitgliedstaaten alle der Union nicht in den Verträgen übertragenen Zuständigkeiten bei den Mitgliedstaaten verbleiben.

15. Eng nei legal Basis fir dat gemeinschaftlecht Europa

D'ADR schwätzt sech, wéi schonns erwähnt, géint e federaalt Europa a fir en Europa, an deem d'Memberstaaten hir Souveränitéit halen, aus. Déi eventuell Noutwennegkeet, fir temporär souverän Kompetenze mat anere Staaten ze deele fir besser gemeinsam Problemer ze bewältegen, däerf net als Virwand benotzt gi fir d'Afféiere vun dauerhaften, supranationale Strukturen. D'Lëtzebuerger Verfassung ass iwwregens an deem Punkt formell: et kënn just eng temporär Delegatioun vun de souveräne Rechter a Fro. Deementspriedend verstéisst all supranational oder federalistesche Tendenz géint eist Grondgesetz.

Déi europäesch Traitée mussen also esou ëmgeännert ginn, datt d'Souveränitéit vun de Staaten nees hirgestallt an d'Roll vun de Gemeinschaftsinstitutionen ageschränkt gëtt.

D'Neeshirstelle vun engem Gläichgewiicht tëscht nationalen a gedeelte Pouvoiren, dat d'ADR proposéiert, baséiert op dësen Iddien:

- Eng Rei Kompetenzen, déi am Ament vun de Gemeinschaftsinstanzen ausgeübt ginn, mussen nees zeréck un d'Memberstaate goen. D'Lëscht vun deene Kompetenze gëtt während de Verhandlungen ëm en neien Traité festgehalten, woubäi op de Subsidiaritätsprinzip insistéiert gëtt. Déi britesch an hollänesch Regierungen oder Parlamenter hu schonns Propositionen an déi Richtung gemaach. Am Prinzip hätt d'ADR gär, datt eleng d'Memberstaate fir d'Budgets- a Steierfroen zoustänneg sinn, an och fir all d'Gesellschaftsfroen. Minimal Ausnamen, déi absolut néideg an onëmgänglech sinn am Kader vun der Währungsunioun, gi fir d'Memberstaate virgesinn, déi eng Finanzhëllef kruten.

- De Subsidiaritätsprinzip gëtt duerch d'Afféiere vun neie Reegele gestärkt. Fir d'éischt kréien all déi nationale Parlamenter e Vetorecht, dat den aktuelle System am Kader vun der Subsidiaritätskontroll ersetzt. Et kéint näischt méi géint de Wëlle vun engem Vollek vun engem Memberstaat oder vu senger gewielte Verrieder gemaach ginn. Duerno mussen déi europäesch Instanze verflucht ginn, hir Pouvoir op eng restriktiv Manéier ze interpretéieren. Déi europäesch Gemeinschaftsinstanzen däerfen nëmmen an deene Beräicher handelen, wou hinnen explizit Kompetenzen uvertraut goufen.

- Fir d'Kompetenze vun deenen engen a vun deenen aneren nach méi ze verdäitlechen, muss déi sougenannte politesch Kontroll vun den europäesche Rechtsakten an den Traitéen opgeholl ginn. D'Gemeinschaftsinstanze mussen d'Avise vun de Regierungen oder Parlamenter vun de Memberstaate respektéieren. Si mussen sech nees bewusst ginn, datt se just Verwaltungen am Déngscht vun de Memberstaate sinn.

- Et gëtt eng Prozedur virgesinn, fir den nationale Parlamenter ze erlaben, europäesch Direktiven, déi an nationaalt Recht ëmgesat goufen, ze kënnegen. Et ass net virstellbar, datt

d'Gesetzer aus der EU e méi héije Statut hunn ewéi déi national Gesetzer. Och si mussen dem Wëlle vun der Legislativ ënnerworf bleiwen. Well esou eng Kënnegung oder eng Ännerung vun engem europäeschen Text wäerte reegelméisseg transnational Effekter hunn, mussen Informatiounsprozeduren oder Delaie fir d'Ëmsetze virgesi ginn.

- D'ADR wäert d'Reglementer, deleguéiert Rechtsakter oder all aneren Akt, wou eng direkt Uwendung virgesinn ass, limitéieren. Am Prinzip ka keen europäesche Rechtsakt ouni eng national Geneemegungsprozedur a Kraaft trieden.

- Wat méi allgemeng déi europäesch Traitéen an d'Decisiounen am Conseil an am Europaparlament ugeet, ass et kloer, datt d'ADR et ni wäert acceptéieren, datt eng Decisioun kann eisem Land imposéiert ginn, sief et vun de Gemeinschaftsinstanzen oder vun enger (qualifizierter) Majoritéit vun anere Staaten. Fir d'ADR kënn net nëmme de Prinzip vun der Eestëmmegkeet oder vum Konsens a Fro.

Am Résumé: déi national Verfassung steet iwwert dem europäesche Recht; temporär a limitéiert Delegatioun vu souveräne Rechter; dat europäescht Recht däerf net iwwert dem Wëlle vun der Chamber stoen.

16. Lëtzebuerg an allen EU-Institutionen vertreten

Vum 1. November 2014 u kéint Lëtzebuerg net méi permanent an der EU-Commissioun vertruede sinn. De Rotationsprinzip ass eestëmmegeg uegholl ginn, also och mam Accord vu Lëtzebuerg.

Artikel 17 vum Traité iwwert d'EU (konsolidéiert Versioun)

(5) Ab dem 1. November 2014 besteht die Kommission, einschließlich ihres Präsidenten und des Hohen Vertreters der Union für Außen- und Sicherheitspolitik, aus einer Anzahl von Mitgliedern, die zwei Dritteln der Zahl der Mitgliedstaaten entspricht, sofern der Europäische Rat nicht einstimmig eine Änderung dieser Anzahl beschließt.

Die Mitglieder der Kommission werden unter den Staatsangehörigen der Mitgliedstaaten in einem System der strikt gleichberechtigten Rotation zwischen den Mitgliedstaaten so ausgewählt, dass das demografische und geografische Spektrum der Gesamtheit der Mitgliedstaaten zum Ausdruck kommt.

Dieses System wird vom Europäischen Rat nach Artikel 244 des Vertrags über die Arbeitsweise der Europäischen Union einstimmig festgelegt.

D'ADR bleibt bei hirer Revendikatioun: de Grand-Duché muss permanent an allen Entscheidungsgremien von der EU vertruede sinn, d'EU-Commissioun mat abegraff. D'Decisioun vum Europäesche Conseil vum Dezember 2008, déi nom éischten iresche Referendum getraff gouf an an där de Prinzip vum der permanenter Verriedung vum alle Memberstaaten an der EU-Commissioun festgehale gouf, muss institutionaliséiert ginn.

Mam Rotationsprinzip, esou wéi en nach am Traité iwwert d'EU steet, besteet de Risiko vum engem geféierleche Präzedenzfall um Niveau vum der permanenter Verriedung vum de Memberstaaten an aneren Institutionen; e Risiko, vum deem virun allem déi kleng Memberstaate betraff sinn.

L'ADR verlaangt deementspreechend, datt Lëtzebuerg, ewéi all déi aner Memberstaaten, permanent an allen Entscheidungsgremien von der EU vertreten ass. Am Europäesche Parlament muss déi minimal Verriedung fir Lëtzebuerg bei sechs Deputéierte bleiwe fir e Minimum u politescher Pluralitéit ze garantéieren.

17. Lëtzebuerg als Sëtz vun den EU-Institutiounen

D'Fro vum Sëtz vun den Institutiounen muss weiderhin esou gereegelt bleiwen, wéi et an den aktuellen Traitée virgesinn ass

Lëtzebuerg muss de Sëtz vun dësen Institutiounen bleiwen:

- D'Sekretariat vum Europäesche Parlament a vu senge Servicer
- De Conseil fir d'Sëtzungen am Abrëll, Juni an Oktober
- Verschidde Servicer vun der Europäescher Commissioun
- De Geriichtshaff vun der Europäescher Unioun
- Den Europäesche Rechnungshaff
- D'Europäesch Investitiounsbank an den Europäeschen Investitiounsfong
- Den Office des publications de l'Union européenne
- Den Iwwersetzungszentrum fir d'Organer vun der EU
- Eurostat
- D'Agence exécutive fir Gesondheet a Consommateuren
- De Fonds européen de stabilité financière (FESF)
- Den Europäesche Stabilitéitsmechanismus (ESM)

De Sëtz vun deenen Institutiounen gouf, vun e puer Ausnamen ofgesinn, duerch déi successiv Traitée festgeluecht an am Traitée vu Lissabon confirméiert. Eng eventuell Ännerung – an dat gëllt och fir de Sëtz vum Europaparlament – kéint also nëmme aus enger gemeinsamer Decisioun vun alle Regierungen, dat heescht mam Accord vun der Lëtzebuurger Regierung, ervirgoen.

De Sëtz vum Europäesche Parquet muss, esou wéi et am Dezember 2003 an enger Sëtzung vum Europäesche Conseil festgehale gouf, zu Lëtzebuerg sinn.

Artikel 341 vum Traitée iwwer de Fonctionnement vun der EU (konsolidéiert Versioun)

Der Sitz der Organe der Union wird im Einvernehmen zwischen den Regierungen der Mitgliedstaaten bestimmt.

Protokoll (Nr. 6) über die Festlegung der Sitze der Organe und bestimmter Einrichtungen, sonstiger Stellen und Dienststellen der Europäischen Union

Einzigster Artikel

a) Das Europäische Parlament hat seinen Sitz in Straßburg; dort finden die 12 monatlichen Plenartagungen einschließlich der Haushaltstagung statt. Zusätzliche Plenartagungen finden

in Brüssel statt. Die Ausschüsse des Europäischen Parlaments treten in Brüssel zusammen. Das Generalsekretariat des Europäischen Parlaments und dessen Dienststellen verbleiben in Luxemburg.

b) Der Rat hat seinen Sitz in Brüssel. In den Monaten April, Juni und Oktober hält der Rat seine Tagungen in Luxemburg ab.

c) Die Kommission hat ihren Sitz in Brüssel. Die in den Artikeln 7, 8 und 9 des Beschlusses vom 8. April 1965 aufgeführten Dienststellen sind in Luxemburg untergebracht.

d) Der Gerichtshof der Europäischen Union hat seinen Sitz in Luxemburg.

e) Der Rechnungshof hat seinen Sitz in Luxemburg.

(...)

h) Die Europäische Investitionsbank hat ihren Sitz in Luxemburg.

D'ADR verlaangt vun der Lëtzebuenger Regierung, datt d'Accorden, esou wéi se an den Traitéen an an de Protokoller virgesi sinn, ouni Derogatioune respektéiert ginn, a fuerdert all d'Deputéiert, déi am Europäesche Parlament Lëtzebuerg verrieden, op, dës Positioun ze ënnerstëtzen.

D'ADR fuerdert all déi europäesch Institutiounen op, d'Traitéen an d'Engagementer, déi vis-à-vis vu Lëtzebuerg geholl goufen, ze respektéieren a keng onberechtigt Personaltransferten oder Transferte vu Generaldirektiounen op Bréissel duerchzeféieren.

Am Géigenzuch mussen d'Lëtzebuenger Regierung an aner Autoritéiten, wéi zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg, dofir suergen, datt déi europäesch Institutiounen iwwert optimal Aarbechtsconditione verfügen an datt d'Fonctionnairen an aner Salariéen am Déngscht vun dësen Institutiounen, wéi och hir Familljen, iwwert en agreable Liewenskader verfügen. Déi zoustänneg europäesch Autoritéite mussen dofir suergen, datt de Loun vun de Fonctionnairen, déi zu Lëtzebuerg tätig sinn, a Kafkraaftparitéiten deeselwechten ass ewéi deen, deen op den anere Siten ausbezuelgt gëtt fir eng Konkurrenz ze vermeiden.

Fir eng vergläichbar Attraktivitéit tëscht den europäeschen Haaptstied (Bréissel, Lëtzebuerg a Stroossbuerg) ze garantéieren, mussen se allen dräi duerch adequat Infrastrukture verbonne ginn. L'ADR verlaangt besonnesch, datt de Schinneverkéier tëscht den dräi Haaptstied däitlech verbessert gëtt, och mat Hëllef vun europäesche Strukturfongen.

Fir d'Zoufaarte vun de ville Fonctionnairen a Salariéë vun den europäeschen Institutiounen ze verbessern, fuerdert d'ADR d'Lëtzebuenger Regierung op, d'Fluchverbindungen tëscht Lëtzebuerg an den anere Memberstaaten ze verbessern, wann néideg andeems op de Subventionnement vun den net rentable Fluchlinien zréckgegraff gëtt.

GESELLSCHAFT

18. Lëtzebuergesch muss als offiziell EU-Sprooch unerkannt ginn

D'ADR bedauert zudéifst, datt d'Lëtzebuenger Sprooch déi eenzeg Nationalsprooch ass, déi net gläichzäiteg als offiziell EU-Sprooch unerkannt gëtt. Déi viregt Regierungen hunn net vum EU-Bäitritt vun anere Memberstaaten (wéi z.B. Malta) profitéiert, fir ze verlaangen, datt Lëtzebuergesch als offiziell EU-Sprooch unerkannt gëtt.

D'ADR verlaangt, datt d'Lëtzebuenger Sprooch als offiziell EU-Sprooch unerkannt gëtt.

D'ADR erënnert drun, datt déi iresch Sprooch zënter dem 1. Januar 2007 eng offiziell EU-Sprooch ass, woubäi Irland 1973 der EU bäigetrueden ass. D'ADR widdersetzt sech net Derogatiounen (wéi dat och bei der maltesescher a bei der irescher Sprooch de Fall war) falls d'Lëtzebuenger Sprooch sollt als offiziell EU-Sprooch unerkannt ginn.

D'ADR respektéiert den Ënnerscheid tëscht offizieller Sprooch –et ginn der am Ament 24 fir d'Europäesch Unioun – an Aarbechtssprooch (Englesch, Franséisch an Däitsch). D'Unerkennung vun der Lëtzebuenger Sprooch als offiziell EU-Sprooch implizéiert, datt d'Lëtzebuenger Bierger sech kënnen an hirer Nationalsprooch un d'Institutiounen adresséieren.

D'ADR verlaangt, datt d'Lëtzebuenger Deputéiert sech kënnen am Europäesche Parlament op Lëtzebuergesch ausdrécken, dëst am Aklang mat der Resolutioun vun 1995 vum Europäesche Parlament a mat de Conclusiounen vum Conseil vum 13. Juni 2005.

Entschließung zur Verwendung der Amtssprachen in den Organen der Europäischen Union

Amtsblatt Nr. C 043 vom 20/02/1995 S. 0091

Das Europäische Parlament,

1. bekräftigt sein Eintreten für die Gleichbehandlung der Amts- und Arbeitssprachen aller Länder der Union und weist darauf hin, daß es sich hier um ein Grundelement der Europäischen Union, ihrer Wertvorstellungen sowie der politischen Gleichberechtigung ihrer Mitgliedstaaten handelt; betont, daß die Vielsprachigkeit eines der charakteristischen Merkmale der Kultur, der europäischen Zivilisation und wichtiger Bestandteil der Pluralität und des kulturellen Reichtums Europas ist;
2. bekundet seine Entschlossenheit, sich jedwedem Versuch zu widersetzen, eine Diskriminierung zwischen den Amtssprachen und den Arbeitssprachen der Europäischen Union zu schaffen;
3. dringt darauf, daß der Grundsatz, demzufolge die Bürger der Union sich gegenüber allen europäischen Organen schriftlich und mündlich ihrer eigenen Sprache bedienen können, eingehalten werden muß;
4. ist der Auffassung, daß das Recht eines gewählten Vertreters, in seiner Muttersprache zu sprechen und zu arbeiten, untrennbarer Bestandteil des demokratischen Rechts und seines Mandats ist;

Schlussfolgerungen des Rates vom 13. Juni 2005 über den amtlichen Gebrauch zusätzlicher Sprachen im Rat und gegebenenfalls in anderen Organen und Einrichtungen der Europäischen Union (2005/C148/01)

1. Die vorliegenden Schlussfolgerungen beziehen sich auf Sprachen, die nicht unter die Verordnung Nr. 1/1958 des Rates fallen und deren Status durch die Verfassung eines Mitgliedstaats im gesamten Hoheitsgebiet desselben oder in einem Teil davon anerkannt wird oder deren Gebrauch als Landessprache gesetzlich zulässig ist.
2. Der Rat ist der Auffassung, dass bei den Bemühungen um mehr Bürgernähe der Union der Reichtum und die Vielfalt ihrer Sprachen stärker berücksichtigt werden müssen.
3. Ferner ist der Rat der Ansicht, dass die Möglichkeit der Bürger, in ihren Beziehungen mit den Institutionen zusätzliche Sprachen verwenden zu können, ein wichtiger Faktor ist, wenn erreicht werden soll, dass sich die Unionsbürger mit den politischen Vorhaben der Europäischen Union stärker identifizieren.
4. Der amtliche Gebrauch der unter Nummer 1 genannten Sprachen im Rat wird auf der Grundlage einer Verwaltungsvereinbarung zwischen dem Rat und dem antragstellenden Mitgliedstaat genehmigt; dies gilt gegebenenfalls auch für ein anderes Organ oder eine andere Einrichtung der Union auf der Grundlage einer ähnlichen Verwaltungsvereinbarung.
5. Diese Vereinbarungen werden im Einklang mit dem Vertrag sowie den entsprechenden Durchführungsbestimmungen geschlossen und müssen die vorgenannten Bedingungen erfüllen. Die mit der Umsetzung dieser Verwaltungsvereinbarungen durch die Organe und Einrichtungen der Union verbundenen direkten oder indirekten Kosten gehen zu Lasten des antragstellenden Mitgliedstaats.

D'ADR fuerdert d'Lëtzebuenger Regierung op, esou séier wéi méiglech eng Prozedur am Conseil ze initiéieren, fir datt Lëtzebuergesch als offiziell EU-Sprooch unerkannt gëtt.

D'ADR fuerdert d'Europadeputéiert, déi Lëtzebuerg verrieden, op, sech am Parlament op Lëtzebuergesch auszedrécken.

19. D'Gesellschaftsfroe müssen eng national Kompetenz bleiwen

D'ADR erënnert drun, datt d'EU keng Kompetenzen huet an de Gesellschaftsfroen. D'ADR verlaangt also, datt all déi europäesch Institutiounen, d'Europaparlament an d'Europäescht Geriichtshaff mat abegraff, sech net an dës Froen amëschen, déi an d'Zoustännegkeet vun den nationale Gesetzgebunge falen.

Fir d'ADR muss all Land kënnen am Respekt vu sengen eegene Wäerter, Traditiounen a kulturell Wuerzelen iwwert d'Gesellschaftsfroen (Homo-Bestietnis, Euthanasie, Avortement, asw.) decidéieren.

Well jidderee supposéiert ass d'Gesetzer ze kennen, müssen sech an der EU och d'Ausländer un d'Gesetzer halen, déi an hirem Gaaschtland a Kraaft sinn, ouni kënnen d'Recht op de fräie Persouneverkéier ze invoquéieren.

D'ADR ass géint d'Unerkennung vu Geriichtsuerteeler am Familljerecht, besonnesch am Beräich vun den Alimenter. Déi grouss Ënnerschidder tëscht de Rechtssystemer, déi ganz ënnerschiddlech Gesetzgebungen a Prozeduren, déi héich Korruptioun an de Justizsystemer vu gewësse Memberstaaten, d'Barrière vun der Sprooch, d'Ignoranz vun den auslännesche Geriichter, wat d'Situatioun zu Lëtzebuerg ugeet, an déi héich Prozesskäschten am Ausland sinn nëmmen e puer vun de Problemer, déi sech an deem Kontext stellen.

20. D'Roll vun der EU am Enseignement supérieur an an der Fuerschung

D'ADR ass der Meenung, dass Lëtzebuerg net kann der EU d'Verantwortung gi fir d'Defiziter am Schoulsystem, déi eng vu den Ursaache si fir de Jugendchômage zu Lëtzebuerg. D'ADR encouragéiert awer d'Mobilitéit vun de Jonken a vun de Studenten um europäeschen Niveau a begréisst d'Ziler, déi am Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU ze fanne sinn.

Artikel 165 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU

1. Die Union trägt zur Entwicklung einer qualitativ hoch stehenden Bildung dadurch bei, dass sie die Zusammenarbeit zwischen den Mitgliedstaaten fördert und die Tätigkeit der Mitgliedstaaten unter strikter Beachtung der Verantwortung der Mitgliedstaaten für die Lehrinhalte und die Gestaltung des Bildungssystems sowie der Vielfalt ihrer Kulturen und Sprachen erforderlichenfalls unterstützt und ergänzt.

D'ADR ënnerstëtzt och d'Ziler vum Erasmus-Programm, deen d'Mobilitéit vun de Studenten innerhalb vun engem europäesche Raum vum Enseignement supérieur erméiglecht. D'ADR bedauert zudéifst d'Decisioun, d'Schwäiz aus deem Accord auszuschléissen (nom Referendum iwwert d'Massenawanderung) et verlaangt, dass d'EU direkt op déi Decisioun zeréckkënn. Et ass fir d'ADR net virstellbar, dass europäesch Studenten, déi an der Schwäiz wëlle studéieren, oder Schwäizer Studenten, déi an der EU wëlle studéieren, bestrooft gi wéinst dem Resultat vun engem demokratesche Referendum.

D'ADR wëll, dass d'EU d'Austauschprogrammer fir déi europäesch Studenten a Salariéen ausbaut (Erasmus fir den Enseignement supérieur, Comenius fir de Secondaire, Leonardo da Vinci fir d'Beruffsausbildung, Grundtvig fir d'Erwuessebildung).

D'ADR rifft d'Regierung op, déi Jonk ze encouragéieren, un deenen Austauschprogrammer deelzehuelen, besonnesch och duerch finanziell Hëllef. D'Studenten an d'Salariéen, déi an deem Kontext op Lëtzebuerg kommen, müssen iwwert gutt Bedingunge verfügen.

D'ADR insistéiert op d'Termen „Vielfalt ihrer Kulturen und Sprachen“ am uewen zitéierten Artikel a besteet drop, dass se och mussen fir d'Lëtzebuenger Sprooch a Kultur gëllen.

D'ADR ënnerstëtzt d'Ziler, déi am Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU definéiert sinn (Kapitel 5, Titel 19 - Fuerschung, technologesch Fuerschung a Raumfaart) a wënscht sech, dass déi national Regierung, zum Beispill duerch d'Schafe vun engem Guichet unique, de Lëtzebuenger Betriber, déi kleng an déi mëttelgrouss mat abegraff, den Accès op déi europäesch Programmer erméiglecht. Déi ëffentlech Fuerschungszentre müssen och encouragéiert ginn a déi néideg Moyene kréie fir un deene Programmer deelzehuelen.

Wat d'Programmer ugeet, déi contestéiert ginn oder kënnen contestéiert ginn, besonnesch um ethesche Plang, müssen déi national Parlamenter d'Méiglechkeet kréien, d'Bedelegung

vun hirem Land aus esou engem Land zeréckzezéien. D'ADR rífft d'EU op, d'Fuerschung am Beräich vun der Atomkraaftproduktioun ze stoppen, a wënscht sech, datt d'Lëtzebuerger Regierung esou séier wéi méiglech den Austrëtt aus der ITER-Programm verhandelt.

21. Europa, eng Gefor fir d'Meenungsfreiheet

D'ADR ass géint all déi europäesch Direktiven, a leider ginn et der ëmmer méi, déi sech a Gesellschaftsformen amäuschen. D'ADR bedauert, datt d'Meenungsfreiheet ëmmer méi limitéiert gëtt, virun allem am Kader vun Direktiven, déi als Zil hunn, Diskriminatiounen ze bekämpfen. Amplaz d'Grondrechter ze verdeedegen, limitéiert se d'EU ëmmer méi, a widdersetzt sech domadder ëmmer méi de Mënscherechter. D'EU ass en Tempel vum Eenheitsdenken, dat Fräiheete bedréit a sech politesch korrekt gëtt, amplaz déi onbestreitbar Legitimitéit vun der Meenungspluralitéit an enger fräier Gesellschaft unzeerkennen. Et gëtt der ADR no ëmmer méi wichteg, sech géint dësen neien Totalitarismus vun den EU-Institutiounen ze wiere fir déi demokratesch Wäerter ze schützen.

NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

22. D'Gemeinsam Agrarpolitik

Fir d'ADR ass d'Produktioun (an der néideger Quantitéit) vu Liewensmëttelen, déi gesond sinn and eng exzellent Qualitéit hunn, eng Prioritéit fir all national, europäesch an international Politik. Liewensmëttelen däerfen net wéi aner Produiten ugesi ginn. Esou eng Politik bréngt mat sech, datt d'Bauern, d'Déierenziichter an d'Wënzer solle vun hirer Produktioun kënne liewen, an datt de Konsument soll zu engem raisonnabele Präis a mat enger kontrolléierter Qualitéit iwwert déi Produkter kënne verfüegen.

Artikel 38 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU (konsolidéiert Versioun)

1. Die Union legt eine gemeinsame Agrar- und Fischereipolitik fest und führt sie durch.

Der Binnenmarkt umfasst auch die Landwirtschaft, die Fischerei und den Handel mit landwirtschaftlichen Erzeugnissen. Unter landwirtschaftlichen Erzeugnissen sind die Erzeugnisse des Bodens, der Viehzucht und der Fischerei sowie die mit diesen in unmittelbarem Zusammenhang stehenden Erzeugnisse der ersten Verarbeitungsstufe zu verstehen. Die Bezugnahmen auf die gemeinsame Agrarpolitik oder auf die Landwirtschaft und die Verwendung des Wortes „landwirtschaftlich“ sind in dem Sinne zu verstehen, dass damit unter Berücksichtigung der besonderen Merkmale des Fischereisektors auch die Fischerei gemeint ist.

(...)

4. Mit dem Funktionieren und der Entwicklung des Binnenmarkts für landwirtschaftliche Erzeugnisse muss die Gestaltung einer gemeinsamen Agrarpolitik Hand in Hand gehen.

D'EU, duerch d'Gemeinsam Agrarpolitik, dréit eng grouss Verantwortung an deem Beräich. D'ADR steet de rezenten Entwécklungen an der Gemeinsamer Agrarpolitik kritesch géigeniwwer et wënscht sech, datt dës Politik méi staark déi mëttelgrouss Betriber ënnerstëtzt, déi um regionalen Niveau héichwärtteg Produkter ubidden.

D'ADR plädéiert fir eng méi staark Ënnerstëtzung vun de Bioproduktioun, mä respektéiert och d'Fräiheet vun all Bauer, fir d'Produktiounsmethod vu sengem Choix ze benotzen, ënnert der Conditoun, datt souwuel d'Gesondheets- an Ëmweltnormen ewéi och eng aartgerecht Déierenhaltung respektéiert ginn (zum Beispill keen internationalen Déierentransport).

D'ADR ass sech bewosst, datt d'Bauern dozou bäidroen d'Natur an d'Biodiversitéit ze erhalten, a begréisst d'Hëllef fir déi Bauern, déi spezifesch Efforten an déi Richtung maachen. L'ADR verlaangt awer och, datt d'Fräiheet vun de Bauern erhale bleift, an ass dowéinst géint disproportional Sanktiounen, déi op theoretisch a bürokraatesch Iwwerleeunge baséieren.

D'ADR verlaangt, datt déi national Regierung d'Interessie vun de Lëtzebuenger Baueren a Wënzer verdeedegt. De Regime vun de „benodeelegate landwirtschaftleche Gebidder“ muss fir d'ganz Land bäibehale ginn, falls néideg andeems en Ënnerscheid gemaach tëscht de Qualitéite vun de landwirtschaftleche Flächen.

Lëtzebuerg muss, am Kader vun der Gemeinsamer Agrarpolitik, iwwert genuch national Kompetenze verfügen, fir de Baueren a Wënzer ze hëllef, déi jo an engem ganz spezifesche wirtschaftleche Kontext schaffen. Dës Hëllef muss besonnesch doranner bestoen, datt jonk Bauere sech kënne nidderloossen, fir datt zu Lëtzebuerg d'Landwirtschaft an d'Produktioun vu regionalen héichwäertege Produkter eng reell Zukunft hunn.

D'ADR verlaangt, datt an Europa d'OGMe verbuede ginn, a fuerdert d'Regierung op, dëse Verbuet um internationalen Niveau ze ënnerstëtzen. D'ADR verlaangt, datt d'Europäesch Commissioun d'Revendikatiounen vun engem groussen Deel vun der Bevëlkerung a vun enger Majoritéit vun de Memberstaate respektéiert an datt se direkt all d'Geneemegungen, déi schonns erdeelt goufe fir genmanipuléiert Planzen ze produzéieren, nees zeréckzitt.

D'Gemeinsam Agrarpolitik bréngt och mat sech, datt d'EU-Institutiounen eng grouss Verantwortung droen, wat d'Gesondheetssécherheet oder d'Qualitéit an d'Authentifizéierung vun de Produkter ugeet. D'Liewensméttelskandalen, vun der BSE-Kris zum Pärdsfleesch an der Rëndfleeschslasagne, sinn de Beweis dofir, datt d'EU an deem Beräich nëmme minimal hir eigentlech Verantwortung iwwerhëlt.

D'ADR verlaangt, datt déi europäesch Institutiounen all d'Dispositiounen huelen, fir esou Manipulatiounen ze vermeiden, an datt se déi néideg Kontrolle garantéiert. Donieft müssen déi national Regierungen ëmmer kënne wéinst Gesondheitsgrënn op hirem Territoire agräifen, besonnesch duerch en Importatiounsverbuet.

Am Kader vun der Gemeinsamer Agrarpolitik müssen d'Regiounen an d'Länner och d'Recht hunn, Labelen opgrond vu Qualitéitskritären a vun der geographescher Origin ze verginn.

23. Fir déi nohalteg Entwécklung an Europa handelen

Artikel 3 vum Traité iwwert d'EU (konsolidéiert Versioun)

3. Die Union errichtet einen Binnenmarkt. Sie wirkt auf die nachhaltige Entwicklung Europas auf der Grundlage eines ausgewogenen Wirtschaftswachstums und von Preisstabilität, eine in hohem Maße wettbewerbsfähige soziale Marktwirtschaft, die auf Vollbeschäftigung und sozialen Fortschritt abzielt, sowie ein hohes Maß an Umweltschutz und Verbesserung der Umweltqualität hin. Sie fördert den wissenschaftlichen und technischen Fortschritt

D'ADR begréisst den Equiliber tëscht der nohalteger Entwécklung an dem wirtschaftleche Wuesstem, esou wéi an am Artikel 3, Paragraph 3 vum Traité iwwert d'EU virgesinn ass. D'ADR ass iwwerzeugt, datt d'EU kann eng wichteg Roll spillen an der nohalteger Entwécklung an am Klimaschutz. Si ríft awer déi europäesch Institutiounen op, den Equiliber, esou wéi en am Traité definéiert gëtt, ze respektéieren. Europa muss net onbedéngt eng Virreiderroll spillen an dobäi zugonschte vu Länner, déi manner Skrupel hunn, seng Industrie an d'Aarbechtsplazen, déi domadder verbonne sinn, afferen. Dës Politik muss och vun de Lëtzebuerger Mandatairem um europäeschen Niveau ënnerstëtzt ginn.

D'ADR begréisst d'Efforten zugonschte vun den erneierbaren Energien an ass der Meenung, datt d'EU besonnesch an der Entwécklung vun den elektreschen Transportnetzer eng Roll ze spillen huet, fir e besseren Equiliber tëscht Produktiounsstanduert a Verbrauchsplaz ze garantéieren.

D'ADR wënscht sech, datt d'EU, duerch Normen a Labelen, d'Fabrikatioun vu Material, wat wéineg Energie verbraucht, encouragéiert, ouni awer onbedéngt de Bierger dës Normen ze imposéieren (Energiespuerluuchte mat Merkur sinn dat bescht Beispill dofir). Dës Norme mussen dozou féieren, datt Autoe produzéiert ginn, déi esou wéineg Sprit wéi méiglech verbrauchen an esou propper wéi méiglech sinn, woubäi awer d'Wënsch vun de Konsumente mussen respektéiert ginn an d'Kompetitivitéit vun der europäescher Automobilindustrie net däerf par rapport zu hire Konkurrente limitéiert ginn. D'EU muss och d'Fuerschung fir eng méi ekologesch Produktioun vu sekundärer Energie, haaptsächlech Elektresch, an e méi rationalen Energieverbrauch ënnerstëtzen a koordinéieren.

All d'Memberstaate mussen vun der EU incitéiert ginn, keen Elektresch méi an Atomzentralen ze produzéieren a keng Fuerschung méi an deem Beräich ze maachen, besonnesch um Cadarache-Site (Experimentalreakter ITER fir d'Kärfusioun).

D'ADR an hir europäesch Famill

Och wann d'ADR déi eenzeg Partei ass, déi sech zu Lëtzebuerg fir e soziaalt, demokratescht a fräit Europa vun den Natiounen asetzt, steet se innerhalb vun der EU net eleng do mat hire politeschen Iwwerzeegungen. Den 8. Juni 2010, also ee Joer no de leschten Europaparlamentswahlen, ass se eestëmmeg als Member vun der AECR, der Allianz vun den Europäesche Konservativen a Reformisten, ugeholl ginn. Et handelt sech dobäi ëm eng Associatioun vun nationale Parteien, déi vum Europaparlament als solches unerkannt gëtt.

Fir d'ADR bedeit dës Memberschaft virun allem, datt se um europäesche Plang iwwert eng méi grouss Handlungsfäegkeet verfügt. D'Parteien, déi der AECR ugehéieren, zéien un engem Strang fir hir Visioun vun der EU bei de concernéierte Bierger ze promovéieren. D'ADR schafft ënnert anerem mat dëse politeschen Organisatiounen:

- déi britesch Konservativ Partei vum Premier David Cameron
- déi polnesch Partei Recht a Gerechtegkeet vum fréiere Premier Jarosław Kaczyński
- déi tschechesch Demokratesch Biergerpartei, déi zënter der Grënnung vum Land net manner wéi dräi Mol de Premier gestallt huet
- déi islännesch Onofhängegkeetspartei, déi als eendeiteg stäerkste Partei am Ament un der Regierung bedeelegt ass

D'ADR huet och Schwësterparteien an der Belsch, an Dänemark, a Kroatien, an Italien, a Litauen, a Lettland an a Rumänien.

Bei der Grënnung vun der AECR goufen déi Wäerter a Ziler festgehalten, zu deenen sech all d'Memberparteien, an dorënner natierlech d'ADR, bekennen. An der sougenanntener Deklaratioun vu Prag (d'Dokument gouf an der tschechescher Haaptstad ënnerschriwwen) sinn d'Prioritéite vun der AECR fir eng Reform vun der EU an 10 Punkte resuméiert:

- Fräien Entrepreneuriat, fräien a fairen Handel a Wettbewerb, minimal Reguléierung, niddreg Steieren an eng reduzéiert Regierung als Ausléiser fir déi individuell Fräiheet an de perséinlechen an nationale Wuelstand
- D'Fräiheet vum Einzelnen, méi Eegeverantwortung an eng méi grouss Rechenschaftspflicht
- Nohalteg, propper Energieversuergung mam Fokus op d'Energiesécherheet
- D'Bedeutung vun der Famill als Fëllement vun der Gesellschaft
- Déi souverän Integritéit vum Nationalstaat, Oppositioun géint den EU-Federalismus an erneierte Respekt fir eng reell Subsidiaritéit

- De prioritäre Stellewäert vun der transatlantescher Sécherheitsbeziung an enger revitaliséierter NATO, an Ënnerstëtzung fir jonk Demokratien a ganz Europa
- Eng Immigratioun, déi op eng effizient Manéier kontrolléiert gëtt, a kee Mëssbrauch méi bei den Asylprozeduren
- Effizient a modern ëffentlech Déngschtleeschungen an eng Sensibilitéit fir d'Bedierfnisser vun de ländlechen a vun den urbane Gemengen
- Keng iwverflësseg an exzessiv Bürokratie a méi Transparenz an Integritéit an den EU-Institutionen a bei der Verwendung vun EU-Suen
- Respekt a Gläichbehandlung fir all d'EU-Memberstaaten, ob nei oder al, ob grouss oder kleng

D'ADR ass och gutt vertraueden an de Gremie vun der AEER. Den Deputéierte Fernand Kartheiser ass Conseilsmember an den Deputéierte Roy Reding ass Tresorier vun där Associatioun.

D'AEER huet och eng Jugendorganisation, d'EYC (European Young Conservatives). D'Generalsekretärin vun der ADR Liliana Miranda ass Vize-Presidentin vun der EYC.